



Mëttlerweil gesi mer do, datt mer en Equiliber hunn tëschent den oppene Plazen an den Demanden. Mee mer gesinn awer och, wéi all Joers eigentlech, datt zum Deel aner Léierplazen gefrot si wéi déi, déi da vun den Entreprises offréiert sinn. De Chiffer läit do ongeféier bei 350 oppene Plazen a bei 350 Demanden, déi nach opstinn. Do wou nach wierklech Propose gemaach ginn, wou nach Apprentië gebraucht ginn, datt ass an der Alimentatioun, am Bau, an der Kichen, am Service a generell am Handwierk - do ganz besonnesch an der Mécanique an an der Elektro. Dat sinn déi Beräicher, wou klassescheweis och nach all Joer ëmmer probéiert ginn ass, natierlech nach genuch Apprentien dohinner ze guidéieren.

Zwou Remarque vläicht nach eng Kéier zu deem, wat d'Madamm Hansen proposéiert huet, fir och den Entreprises, déi Stagiairen huelen ..., well mer hu jo en duale System, wou et de Léiervertrag gëtt, wou en Deel vun der Formation an der Schoul gemaach gëtt a wou een awer och duerch e Léiervertrag un d'Entreprise gebonnen ass, mee et ginn och Ausbildungen fir Beruffer, wou een eigentlech plein Temps an der Schoul ass, mee dann awer och ganz vill iwwer Stagen an d'Entreprises erakënn. Natierlech ass dat och en Engagement vun den Entreprises, mee et ass net grad eent zu eent ze vergläichen, well déi Entreprisë jo och keng Indemnité d'apprentissage bezuelen an duerfir vläicht och net gradesou finanziell missten ënnerstëtzt ginn, wéi et bei deenen aneren, déi sech am Concomitant engagieren, de Fall ass.

Bei deenen Entreprises, déi e Stage ubidden, ass et virun allem och esou, datt mer momentan mierken, datt et eng Erausforderung gëtt, datt vill Beschäftegter bei deenen Entreprises am Teletravail sinn, déi eigentlech als Tuteur den Encadrement vun den Apprentien iwwerhuele sollten, an et sech an deem Sënn awer als schwierig erweist, well den Apprenti physesch present an den Tuteur am Teletravail ass. Dat ass momentan dee gréissten Challenge, deen do ze schëlleren ass, an et ass eigentlech net, wéi wa mer elo wierklech verspuert hätten, datt mer do finanziell nach en Attrait misste schafen.

Zum David Wagner senger Propos, fir de Chômage partiel weiderlafen ze loossen: Dee leeft och erëm! Deen ass erëm ugelaf! Elo, zanterdeem mer eng Rei vu Secteuren erëm an engem Lockdown hunn, oder confinéiert Secteuren hunn, ass et esou, datt do, wou eeben och de Chômage partiel fir d'Travail-leure gëllt, deen och erëm fir d'Apprentië méiglech ass, limitéiert awer op déi dote Secteuren.

Ech denken, datt mer hei eppes gemaach hunn, fir schnell a richtig an dëser Situatioun ze reagieren. Datt mer an der Berufsausbildung, datt mer fir d'Promotioun vun der Formation professionnelle, datt mer och fir den Image an de Stellwäert vun der Berufsausbildung an eiser ganzer Gesellschaft nach ganz vill méi musse maachen, ech denken, do si mer eis eens, an dat kréie mer och mat dësem Projet de loi net geléist.

Wichtig ass, datt mer eis d'Wuert ginn, datt mer déi Jonk net hänke loossen, och wann dat heiten elo net direkt jidderengem de Wee an den Apprentissage kann erméiglechen. An do hu mer, denken ech, eigentlech Joer fir Joer e Feeler gemaach, och an deene vergaangene Joren, datt mer gesot hunn: „Déi Jonk, déi komme vun hirer Cinqüième, se sollen eng Léierplaz fannen, an déi, déi keng Léierplaz fannen, fir déi interesséiere mer eis net méi.“ An dat, denken ech, musse mer och aus dëser Pandemie léieren, sou wéi mer viles musse léieren, datt mer dat eeben net méi maachen, datt mer eis och responsabel fir si spieren an hinnen dann awer eng aner Formation ubidden.

Duerfir hu mer jo och schon decidéiert, datt mer an de Lycéeën och Inskriptiounen zouloosse fir déi, déi nach keng Léierplaz hunn, an datt mer se och nach länger Zäit an de Lycéeë wëllen halen. An do musse mer zesumme mat de Lycéeën, zesumme mat den CNFPCen awer kucken, datt mer och adequat Formationen ubidden, fir vläicht da fir d'nächst Joer prett ze si fir eng Léier. An op jidde Fall däerfe mer do dann dee Moment déi Jonk och net hänke loossen. Dat ass eng Léier, vun där ech mer géif wënschen, datt mer se alleguerten zesummen och nach aus der Pandemie kéinte mat op de Wee huelen.

Villmools merci fir Är breet Zoustëmmung fir dës Hëllef fir d'Entreprises, déi sech weiderhin och an dëser schwieriger Zäit am Apprentissage engagieren.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soe villmools Merci dem Här Educatiounsminister Claude Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7661. Den Text steet am Document parlementaire 7661⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7661 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass de Projet de loi 7661 eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Michel Wolter), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding;

MM. Sven Clement et Marc Goergen;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 7509 - Proposition de loi portant modification de :

1° la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques

2° la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, d'Proposition de loi 7509 iwwert d'Partiefinanzéierung. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleginnen a Kollegen, ier ech méi op den Detail vun der Proposition de loi virgesi waren. Beim Depot duerch den Alex Bodry am Numm vun eiser Institutionskommissioun viru bal genau engem Joer ware mer eis parteiwwergräifend eens, dass eng Rei Ännerungen néideg wieren, fir bestëmmte Froen a Problemer, déi sech an der Praxis stellen, ze klären.

Den Text a senger aktueller Form ëmfaasst nämlech just nach en Deel vun deene Modifikatiounen um Partiefinanzéierungsgesetz, déi an der initialer Proposition de loi virgesi waren. Beim Depot duerch den Alex Bodry am Numm vun eiser Institutionskommissioun viru bal genau engem Joer ware mer eis parteiwwergräifend eens, dass eng Rei Ännerungen néideg wieren, fir bestëmmte Froen a Problemer, déi sech an der Praxis stellen, ze klären.

Opgrund vum Avis vum Conseil d'État huet sech awer gewisen, dass et technesch net esou einfach ass, deen Text esou auszeformuléieren, wéi mer eis dat gewünscht hätten, jiddefalls net an enger kuerzer Zäit.

D'Institutionskommissioun huet duerfir decidéiert, nom Avis vum Conseil d'État, deen eng Rei vun Opérations formelles enthalten huet, en éischten Deel vun deene Modifikatiounen elo schonn zum Vott ze bréngen an duerno eng nei Proposition de loi auszuschaffen, déi op déi aner Aspekter aus dem initialen Text ageet an de Bemerkunge vum Conseil d'État Rechnung dréit.

Et handelt sech hei ëm déi Propositionen, déi de Parteien, déi méi oder manner vill Personal beschäftege respektiv fir hir Lokaler verantwortlech sinn, eng Capacité juridique ginn, an et huet sech ëm déi Dispositiounen gehandelt, déi sech ëm déi individuell Campagnë vun eenzelne Kandidaten ge-dréit hunn.

Déi Dispositiounen waren dem Conseil d'État net kloer genuch an duerfir hu mer déi mol op d'Waardegels gestallt, ouni dass mer se vergiessen. Mir wäerte selbstverständlech dorop zrëckkommen.

D'Proposition de loi, wéi mer se haut virleien hunn, reit sech a méi e laangfristige Prozess an, deen en duebelt Zil huet: Engersäits soll garantéiert ginn, dass Parteien déi néideg Moyenen hunn, fir déi Roll, déi se an eiser Demokratie spillen, kënnen ze erfëllen, anerersäits solle kloer Reegelen duerfir suergen, dass d'Finanzéierung vun de Parteien esou transparent wéi méiglech ass an domat hir Ofhän-

gekeet vu privaten Entreprises oder Lobbye grad wéi doduerch bedéngten Interessenkonflikter verhënnert ginn.

D'Parteien an déi Aart a Weis, wéi se sech finanzéieren, hate ganz laang iwwerhaapt keng Plaz an der Lëtzeburger Gesetzgebung. Eng éischte Kéier sinn d'Parteien am Gesetz vum 7. Januar 1999 ernimmt ginn, dat en deelweise Remboursement vun de Fraise fir d'Walcampagnë virgesinn huet.

An där Zäit ass och um internationale Plang d'lw-erzeegung ëmmer méi staark ginn, dass d'Finanzéierung vun de Parteien gesetzlech misst encadréiert sinn an dass ee méi Transparenz bräicht, fir d'Glawierdegkeet vun der Politik an d'Vertrauen an der Demokratie ze stäerken.

Wéi mer d'Gesetz iwwert d'Partiefinanzéierung, dat mer haut wëllen upassen, gestëmmt hunn, hu mer ënner anerem Referenz op d'Konklusioun vum der Commission de Venise gemaach, déi schonn 2001 festgehalen hat, dass a Länner ouni öffentlech Finanzéierung vu Parteien an ouni Transparenzregelen en héije Risiko vun okkulte Geldflëss a Korruptioun géif bestoen.

Eng ganz Rei politesch Skandalen am Ausland hu kloer gewisen, wéi esou eng legislativ Grozon dem Vertrauen an d'Parteien an an d'Politik am Allgemenge schuet. Vill Länner an Europa hate laang virun eis Reegelen zur öffentlecher Finanzéierung vu Parteien. Lëtzebuerg huet sech mam Gesetz vum 21. Dezember 2007 endlech och en entspreche Kader ginn. Zanterhier kënnen d'Parteien zu engem gudden Deel op öffentlech Gelder zrëckgräifen, mee et goufen och strikt Limitatiounen bei den Donen agefouert, déi se kënnen unhuelen.

D'Parteien kënnen zanterhier nach just Done vu Privatpersounen unhuelen, also net vun Entreprises, Associatiounen an esou weider. Done kënnen net anonym gemaach ginn, d'Parteien müssen net nëmmen hir Konten, mee och d'Nimm vun hiren Donateuren verëffentlechen.

Mat deem Gesetz huet Lëtzebuerg 2007 Neiland betratt an duerfir war schonn deemools virgesinn, dass no enger gewëssener Zäit e Bilan iwwert déi praktesch Ëmsetzung misst gezu ginn. Haut kann ee feststellen, dass déi Gesetzgebung hir Zilsetzung wäitgeënd erreicht huet.

2008 goufen d'Existenz an déi wichteg Aufgab vun de Parteien an der Verfassung verankert. Als Konsequenz dovunner gouf d'Gesetz eng éischte Kéier de 16. Dezember 2011 ugepasst. Dës Ännerungen hunn d'Pièces justificatives betraff, déi müssen öffentlech gemaach ginn, et goufe Prezisiounen zu den Donen ageschriwwen a Falschangabe sinn zanterhier als Délit pénal ugesinn.

Eng zweete Kéier gouf d'Gesetz vum 2007 geännert, fir d'effentlech Partiefinanzéierung u Reegelen ze bannen, déi duerfir suerge sollen, dass Fraen a Männer op eng equilibréiert Manéier op de Wallëschte fir d'Legislativ- an d'Europawalen vertruede sinn, déi sougenannte Quotereegelung.

Ech wéilt dann elo op d'Ännerungen agoen, iwwert déi mer haut decidéieren. Als Éischt emol eng kloer Trennung tëschent den Europawalen an de Legislativwahlen, esou wéi de Conseil d'État et proposéiert huet. Bis elo muss eng Partei, fir vun der öffentlecher Finanzéierung profitéieren ze kënnen, fir béid Wale komplett Lëschten opgestallt an a béide Fäll mindestens 2 % vun de Stëmme kritt hunn. Wa mer dee Projet hei stëmmen, ginn dës Konditiounen fir déi zwou Wale separat gekuckt, allerdéings kritt dann eng Partei, déi d'Konditiounen nëmme bei enger vun deenen zwou Walen erfëllt, dätlech manner Suen.

Nei ass och, dass dës Montanten net méi an Euro, mee a Punkten ausgedréckt ginn, woubäi de Punktwäert entspreche dem Artikel 2 Paragraf 4 am Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwert d'Gehälter bei de Staatsbeamte festgeluecht gëtt. D'Begrënnung heifir ass, dass d'Parteien e groussen Deel vun deene Suen, déi se kréien, fir Personalkäschten ausginn, a wann d'Finanzéierung vun de Parteien zesumme mat de Gehälter vun der Fonction publique evoluéieren, kann deem Rechnung gedroe ginn.

Domat komme mer dann op e weesentlechen Aspekt vun dëser Proposition de loi, wou et dorëm geet, d'Montanten, déi d'Parteien kënnen kréien, an d'Luucht ze setzen. Säit der Aféierung vum Gesetz 2007 huet sech un der Dotatioun näischt geännert, an et ass och net zu enger Upassung komm, soudass et e Konsens gouf, dass dës Montante missten un d'Realitéit vun haut ugepasst ginn.

De järeleche Basismontant, deen d'Parteien kréien, wa se déi virgenannte Konditiounen erfëllen, gëtt vun 100.000 Euro op 7.500 Punkten eropgesat, wat haut 150.000 Euro entsprécht. Déi zousätzlech Dotatioun, déi se kënnen fir all Prozentpunkt kréien, deen iwwert dem Minimum vun 2 % vun de Stëmme läit, gouf vun 11.500 Euro op 800 Punkten, also 16.000 Euro erhéicht.

Eng Partei, déi sech nëmme mat enger vollstänneger Lëscht bei den Europawale géif presentéieren a mindestens 2 % vun de Stëmme géif kréien, hätt

Urecht op 1.800 Punkten, also 36.000 Euro. Dës Upassunge gëllen ab dem Budgetsjoer 2020.

D'Zoustëmmung zu enger Partei dréckt sech awer net nëmme bei Walen aus, mee natierlech och iwwert d'Zuel an den Engagement vun hire Membere an a Sympathisanten, déi d'Partei iwwer eng Memberskaart oder Done finanziell ënnerstëtzen. Duerfir gëtt et aktuell am Gesetz vum 2007 eng Dispositioun, déi seet, dass déi öffentlech Finanzéierung net méi wéi 75 % vun de Recettë vun enger Partei däerf ausmaachen. Prinzipiell ass dat richtig, allerdéings riskéiere besonnesch déi méi kleng Parteien doduerch manner öffentlech Ënnerstëtzung ze kréien, well si oft ganz limitéiert eege Recetten hunn. D'Institutionskommissioun proposéiert duerfir an dëser Proposition de loi den Taux vu 75 % op 80 % eropzesetzen.

Mat eiser Proposition de loi ginn de Parteien och kommerziell Aktivitéiten verbueden, dat heescht systematesch kommerziell Aktivitéiten. Net betraff sinn déi geleeentlech Aktivitéiten wéi de Verkaf vu Gadgets, T-Shirts, respektiv Gegrills oder Gedränks bei Fester.

Eng weider Ännerung besteet doran, dass d'Kandidaten schrëftlech op hir Eier deklaréieren müssen, dass si keng Donen am Wäert vun iwwer 250 Euro ugehall hunn, déi net no de Reegele vum Gesetz deklaréiert wieren. Falsch Angaben dozou ginn ënner Strof gestallt. Op zesummegewürfelte Lëschte gëllt dat fir jiddweree vun de Kandidaten, déi op där Lëscht sinn, onofhängeg dovun, dass si aus verschiddene Gruppéierungen kommen.

Am initialen Text vun der Proposition de loi gouf dës Punkt méi am Detail behandelt. Et geet am Fond dorëmmer ze verhënnern, dass déi strikt Limitatiounen vun den Done kéinten duerch net deklaréiert Done un eenzel Kandidaten ëmgaange ginn. An deem Kontext waren ursprënglech och Reegele virgesi fir Kandidaten, déi eng individuell Walcampagne maachen, fir dat ze cadréieren.

D'Institutionskommissioun wäert sech an enger zweeter Etapp domat a mat der Capacité juridique ausemanersetzen. D'Zil ass et, dass déi strikt Finanzéierungsregelen net kënnen ëmgaange ginn an dass et eng Zort Level-Playingfield tëschent de Parteien gëtt. Den Artikel 2 vun der Proposition de loi mécht e puer Adaptatiounen am Walgesetz, wou et ëm d'Finanzéierung vun de Walcampagnë geet. D'Konditiounen, déi eng Partei muss erfëllen, fir dës Suen ze kréien, ginn ugepasst un déi, déi am Partiefinanzéierungsgesetz gëllen.

Konkreet bedeit dat, dass si bei de Walen net méi mindestens 5 % vun de Stëmme musse kréien, mee nach just 2 %. Fir kohärent ze sinn, kënnen esou kleng Parteien, déi bis elo näischt kritt hunn, och bei den Europawalen e Forfait vu 5.000 Euro kréien, wa se mindestens 2 % vun de Stëmme kréien.

Wéi gesot, et bleiwe sécher nach Froen op, fir déi mer an der Institutionskommissioun passend Äntwerte musse fannen, an dëst war sécher net déi lescht Adaptatioun vum Partiefinanzéierungsgesetz. Mat dëser Proposition de loi maache mer awer e weidere Schrëtt fir sécherzestellen, dass d'Parteien an eiser Demokratie déi wichteg Roll, déi se spillen an hunn, och kënnen erfëllen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, merci fir d'Opmierksamkeet. An ech bieden lech, am Numm vun der Institutionskommissioun dëser Proposition de loi zouzestëmmen. Merci villmools.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo villmools Merci. An d'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Léon Gloden.

Discussion générale

■ **M. Léon Gloden (CSV).** - Merci, Här President. Merci dem Rapporteur, dem Mars Di Bartolomeo, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport an och fir säin Engagement, fir dass mer déi Proposition de loi do an engem Konsens kéinten duerch deen Instanzeweie féieren.

Déi modern Parteien, esou wéi mir se kennen, hunn hiren Ursprung am 19. respektiv am 20. Joerhonert mat der Demokratisatioun vun der Gesellschaft a mam Aféiere vum allgemenge Walrecht.

De Max Weber huet a sengem Buch « Le Savant et le Politique » vun 1919 geschriwwen: « Les partis politiques sont les enfants de la démocratie, du suffrage universel, de la nécessité de recruter et d'organiser les masses. » Eng berüümt franséisch Automobillsmark huet als Slogan „Créateur d'automobiles“, eh ben, politesch Parteien si „Créateurs d'idées politiques“.

D'Wichtigkeet vun de politesche Parteien an enger Gesellschaft spigelt sech zrëck an deenen Texten, an deene se verankert gi sinn. Fir Lëtzebuerg ass dat ënner anerem eis Verfassung am Artikel 32bis an, wat vill Leit vläicht net wëssen, politesch Parteien hunn och hir Plaz am Traité vun der europäescher Unioun am Paragraf 10 (veuillez lire: am Artikel 10).

Duerfir ass et och richtig a wichtig, dass d'politesch Parteien déi néideg Moyene kréien, fir eebe



strukturell politesch Diskussiounen an enger Demokratie ze féieren. De Rapporteur ass op dee Punkt agaangen. Säit 2007 respektiv 2008 ass keng Upassung vun de finanzielle Moyene fir d'Partei méi geschitt an duerfir ass et och richteg, dass mer hei déi Upassung maachen.

Déi Diskussioun iwwert d'Nature juridique vun de Parteien ass sécherlech eng wichteg an och eng richteg a mir mussen déi och viruféieren, och fir de Parteien eng Sécurité juridique ëm hire Statut ze ginn, mee do loosse mer eis elo och nach eng Kéier déi néideg Zäit, fir déi Diskussioun ze féieren, an ech ginn och domadder den Accord vu menger Partei.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorabelen Här Guy Arendt. Här Arendt, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Guy Arendt (*DP*).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, virop géif ech gären dem Här Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport a fir déi Erklärungen, déi en eis ginn huet. Deem gëtt et eigentlech net méi vill bäizéifügen, an awer, wann Der erlaabt, géif ech gären e puer Wuert zu dëser Proposition de loi soen.

De Kolleeg Léon Gloden huet schonn den Artikel 32 aus der Verfassung erwänt. Deen Artikel hieft d'Wichtigkeet vun de politesche Partei fir eis Demokratie ervir an, ech zitieren: « Les partis politiques concourent à la formation de la volonté populaire et à l'expression du suffrage universel. Ils expriment le pluralisme démocratique. »

Parteien an den demokratesche Pluralismus si wichteg fir de Fonctionnement vun eiser parlamentarischer Demokratie. D'Wieler ginn de Parteien an hire Kandidaten den Optrag, hire politesche Wëllen an der Chamber ze verrieden. D'Proposition, déi mer haut virleien hunn, dréit dësem verfassungsrechtlechen Optrag un d'Partei Rechnung.

Déi nei Verdeelungskrittäre vun öffentleche Gelder un d'Partei ginn dem verännerte politesche Landschaftsbild gerecht. Eng nei an nach net etabliert Partei, déi awer während enger Walechance op eng gewësse Wielerzoustëmmung ziele kann, kann an Zukunft méi einfach vun der Parteifinanzéierung profitéieren. Dëst ass e Fortschritt am Sënn vun der Chancëgläichheet tëschent de Parteien an dréit dem Geescht vun eiser Verfassung an dem Parteipluralismus Rechnung.

Zanterdeem mir den aktuelle System vun der Parteifinanzéierung hunn, gouf et keng Upassung - oder séier weëneg - vun der finanzieller Ënnerstützung, déi eng Partei zegutt huet. Dobäi sinn d'Käschten an der nämlecher Zäit exponentiell an d'Luucht gaangen.

Et ass mer awer wichteg, hei ze betounen, dass d'Parteifinanzéierung net derzou déngt, Politiker oder Deputéierter ze bezuelen: Dës Sue gi genotzt, fir déi fundamental Missioun vun enger Partei ze finanzéieren. Genau esou wichteg ass d'Prezisioun, dass Parteien net zu 100 % aus der Keess vum Staat finanzéiert ginn. Och an Zukunft muss eng Partei op eng gewëssen Ënnerstützung vusäite vun hire Memberen a Form vu Cotisatiounen ziele kënnen, fir eligibel fir d'Parteifinanzéierung ze sinn.

Här President, d'DP begréisst, dass d'Proposition de loi Transparenz immens héichhält. An Zukunft muss all Kandidat, egal, ob e gewielt gouf oder net, eng Deklaratioun maachen, déi beim Staatsminister hannerluecht gëtt, dee se dann un d'Cour des comptes virugëtt. Et geet drëm, Abuse vun Einzelnen ze verhënneren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Proposition de loi war en Effort commun vu Memberen vun alle Parteien a Gruppen hei aus der Chamber, an aus dëser Kooperatioun an am Konsens vun all deenen, déi mat dru geschafft hunn, ass en Text entstaanen, deen dës wichteg Punkte Rechnung dréit.

Natierlech bleift nach Nohuelbedarf - et ass schonn ugeklungen - beim Statut vun de Parteien, mee dat ass eng nächst Aufgab, déi mer hunn. Deemno soen ech lech op alle Fall alleguerte Merci fir d'No-lauchteren a ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Arendt. An da ginn ech d'Wuert weider un den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Merci, Här President. A merci och dem Rapporteur fir säi ganz komplette Rapport. Dat erlaabt mer elo manner op d'Gesetz anzegoen, mee vläicht awer emol eng Kéier e Wuert hei iwwert d'Parteien ze verléieren.

Brauche mer iwwerhaapt politesch Parteien? D'Äntwert ass kloer: Jo, mir brauchen se. Jo, d'Partei sinn nämlech onverzichtbar an eisem demokrateschen System. Jo, d'Partei sinn eigentlech en Deel vun der Zivilgesellschaft, an an deem Sënn droe se zur politescher Meinungsbildung bäi. Si

sinn net déi eenzeg, mee si sinn awer essenziell fir d'Meenungsbildung, well se net nëmme Politik formuléieren, mee och Politik ëmsetzen, awer och ganz wichteg, Politik kontrolléieren.

Parteien sollen och onofhängeg sinn an net vu privaten Interessien gesteiert sinn. Et ass duerfir gutt, datt d'Parteien zu Lëtzebuerg net vu Lobbyfinanzéiert ginn, mee just an eleng vun Egemëttel respektiv vun öffentleche Mëttel finanzéiert ginn.

Kuckt emol am Ausland, wat et bedeit, keng öffentlich, mee just eng privat Finanzéierung vun de Parteien ze hunn: Ech mengen d'Stéchwuert Waffelobby an den USA, just als eklatant Beispill, fir ze weisen, wéi eng National Rifle Association et fäerdegbréngt, hir Interessien, zum Beispill wann et ëm méi streng Waffegesetz geet, géigeniwwer der Meinung vun awer enger Majoritéit vun den Amerikaner duerchzesetzen.

An eigentlech, verkierzt duergestallt, stelle mer mat der öffentlecher Finanzéierung kloer, datt net deen herno bei de Wale gewënnt, deen déi meeschte Suen huet. Hei, mengen ech, erkennt eigentlech jiddwereen, zemools mat deem Beispill USA, datt dat alles net gesond ass fir d'Demokratie. An ech erënneren och nach eemol drun: Zu Lëtzebuerg ass et verbueden, Donen oder Avantage vu private Firmen oder Organisatiounen entgéintzehuelen.

D'Demokratië sinn op ville Plazen am 21. Jorhonnert a Gefor. Dat gesi mer op ville Kontinenter, och op eisem. D'Partei sinn en Deel vun där Demokratie, an d'Partei stäerken heescht duerfir a mengen Aen och, d'Demokratie stäerken. Ech wëll hei och nach emol betounen, well dat heiansdo net erkannt gëtt: Parteien, datt sinn net just hir Deputéiert oder Ministeren oder Buergermeeschteren oder Mandataires. Parteien, dat sinn heiansdo e puer Honnert, 1.000, 5.000 och vläicht 10.000 an nach méi Memberen, Memberen, déi sech an hirer Fräizäit asetze fir d'Allgemengheet, ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- ... fir hir Matbirger. Si wëllen eist Land, eis Gesellschaft matgestalten. Dat ass eppes ganz Eierbares, an duerfir géif ech emol jidder Einzelnem, dee sech an enger Partei engagéiert, vun dëser Plaz aus e grouse Merci soen.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Yves Cruchten (*LSAP*).**- Et ass hiren Engagement, hir meeschtens benevoll Aarbecht, déi, zesumme mat där vum Rescht vun der Zivilgesellschaft, de Gewerkschaften an och den ONGen, eist Land virubringen.

Déi Suen, déi d'Parteien elo méi duerch dëst Gesetz kréien, ginn eebe just gebraucht, fir all déi wäertvoll Aarbechte vun esou villen ze encadréieren. Meng Partei beschäftigt dofir zum Beispill véier Leit, an duerfir wäert et kee verwonneren, datt de Groussdeel vun den öffentleche Mëttel gebraucht ginn, fir Mataarbechter ze bezuele respektiv e Lokal ze hunn, awer och, fir d'Informatioun vun de Bierger an d'Formatioun vun de Memberen sécherzestellen.

Alles dat, wat ech elo opgezielt hunn, assuréiere mer mat deem heite Gesetz. A mir assuréieren am Endeffekt, datt d'Parteien, ob grouss oder kleng, kënnen korrekt an an aller Transparenz funktionéieren. Mir behiewen hei eigentlech e grouse Manktem um Gesetz vu virun zwielef Joer, dat leider keng Indexéierung vun de Subsidiën, de staatleche Gelder virgesinn hat.

A wann ech eleng zréckrechnen, wat zum Beispill d'Präisdeierecht respektiv den Index an de leschten zwielef Joer ugeet, da kommen ech op eng Erhéijung vu bal 25 %. Ech mengen, dat eleng rechtfertigt déi Adaptatiounen, déi mer haut maachen.

Ech gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP zu dësem Gesetz. Ech wëll awer nach emol drun erënneren, datt d'Auteuren nieft dem Finanzement och nach aner Voleten, wéi d'Obligatiounen fir d'Parteien, an hirer Gesetzespropositioun haten. Dës Propositionioun gouf jo an zwee Deeler gespléckt, a mir als LSAP halen och drop, datt deen zweeten Deel elo net vergiess gëtt, mee och weider an der zoustänneger Kommissioun diskutéiert gëtt, eeben a Form vun enger neier Proposition de loi, wéi de Rapporteur sot. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer do déi technesch an och juristesche Schwierigkeiten, zum Beispill wat de Statut vun de Parteien ugeet, geléist kréien.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Cruchten. An d'Wuert ass elo fir déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (*déi gréng*).**- Villmools merci, Här President.

„All Partei ass fir d'Vollek do an net fir sech selwer.“ Dës Ausso staamt net vun engem Deputéierten heibannen, mee vum Konrad Adenauer an huet scho praktesch iwwer 100 Joer, mee se ass nach haut esou wouer an esou richteg wéi deemools, well och haut hunn d'Partei kee Selbstzweck, mee se sinn

do, fir d'Verbindung tëscht dem Staat an dem Vollek hierzestellen, wéi et esou schéin op Wikipedia ganz einfach erkläert ass. Do gëtt et och souguer eng Erklärung fir Kanner, well et ass wichteg, datt och déi Jonk scho wëssen, wat de Sënn vun enger Partei ass.

An et geet och drëms, datt déi Verbindung mat Liewe gefëllt gëtt, an duerfir brauch een natierlech déi néideg Mëttelen. Politesch Parteien droen zu der politescher Meinungsbildung bäi - och dat ass scho gesot ginn - a stellen am Fong eng vun de wichtegste Saile vun eisem demokrateschen pluralisteschen Rechtsstaat duer.

Et si scho ganz Bicher doriwwer geschriwwen ginn an ech mengen, et ass haut net déi richteg Zäit, fir déi nach eng Kéier all hei opzezielen. Jiddefalls ass déi zentral Roll vun de Parteien onëmstridden. Si ass awer och mat ville Missiounen verbonden, déi nëmme da seriö erfëllt kënnen ginn, wann déi néideg Ressourcen duerfir zur Verfügung stinn.

A wéi de Rapporteur Mars Di Bartolomeo et ganz richteg erkläert huet, ginn dës Ressourcen zu Lëtzebuerg zum engen aus eegene Finanzquellen eragezunn, déi iwwer streng limitéiert Donen a Cotisatiounen vu Privatpersounen gereegelt sinn, also net vu Betriber an net vun aneren Organismen. Dat ass ganz wichteg.

Zum anere bestinn d'Ressourcen aus öffentleche Gelder, ëm déi et jo an der Proposition de loi vun haut geet. Dës Gelder sinn awer net nëmme wichteg, fir de Fonctionnement vun de Parteien ze finanzéieren, mee och, fir eng grouss Gefor ze verhënneren, an zwar déi, datt d'Partei sech ausschliesselech op Eegefinanzquelle mussen verlossen a vun aflossräichen Donateuren ofhängeg ginn. Dat huet den Yves Cruchten virdrun ënnerstrach, woubäi ee jo muss bedenken, datt héich Spenden, esou wéi se an anere Länner erlaabt sinn, nëmme sielen en Zeeche vu Barmhärzegkeet sinn. Vill méi si se en effikass Instrument, fir politesch Entscheidungen ze beaflossen, fir politesch Entscheidungen esouzesoen anzekafen.

Datt déi Parteien, déi sech fir Minoritéiten an déi méi sozial schwach Schichten asetzen, an esou engem System méi schlecht ewechkomme wéi déi-jéineg, déi d'Interesse vun Grousskapital verteidegen oder aner Interessen, déi mat Geld verbundene sinn, läit op der Hand. A wéi wäit esou e System reeche kann, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer kierzlech an den USA gesinn, wou fir d'Präsidentenwahl ronn 14 Milliarden Dollar u Spenden zesummekoumen. Ech ginn net dovun aus, datt dës Gelder majoritär fir déi Partei geduecht waren, déi fir d'Cause vu Black Lives Matter oder vun anere vulnerabele Gesellschaftsschichten agetruede sinn. Ganz am contraire! An domat fänkt d'Ongerechtegkeet un.

Dir Dammen an Dir Hären, nodeems Lëtzebuerg sech scho mam Gesetz vun 2007 eng Rei Reegele ginn huet, fir amerikanesch Zoustänn zu Lëtzebuerg ze verhënneren, maache mer mat dëser Proposition de loi e weidere Schrëtt no vir, an dat eischtens um Niveau vun der Gläichbehandlung vun de Parteien, deene klengen an deene méi groussen, mee och um Niveau vun der Transparenz an der Kontroll vun den Donen, déi un d'Kandidate vu Wallëschen, an domat awer och an d'Partei fléissen. Hei geet et drëms, eng Rei Schlupflächer zouzemaachen, déi während de leschte Walcampagnen zu Lëtzebuerg fir Onmutt gesuergt an d'Vertrauen an d'Politik alles anescht wéi gestärkt hunn.

Deen zweete Volet betrëfft d'Héicht vun de staatleche Subventiounen, wou et ganz sécher net drëms geet, datt d'Partei sech zu Eegezwecker beräichere kënnen. Villméi geet et drëms, datt all Partei hir professionell Mataarbechter a Mataarbechterinnen och an Zukunft ka fair bezuelen a Personal kann astellen, fir hire Missiounen nozekommen.

Dobäi kommen Investitiounen an d'Technik, an d'Kommunikatioun, an d'Weiderbildung an an aner Aktivitéiten - emol ofgesi vum Loyer, deen ee fir Raimlechkeete muss bezuelen -, an och déi mussen an Zukunft alleguer finanzéiert ginn, wuelwëssend, datt souwuel d'Salairé vun de Mataarbechter, wéi och déi genannten Investissementer am Laf vun der Zäit eropgaange sinn an datt d'Montanten awer net deem ugepasst gi sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss. Alles an allem geet et also haut drëms, de gesetzleche Kader, deen 2007 geschaf ginn ass, ze verbesseren.

An da stellt sech awer eng Fro, déi mer eis och schonn 2007 gestallt hunn, an dat an der Persoun vum Félix Braz: Et ass déi, ob domat all Problemer geléist sinn. An déi Fro huet de Félix Braz eebe grad an der Chamber beim Vott vum éischte Gesetz am Joer 2007 gestallt. En huet sech och eng Äntwert ginn: Et war déi, datt warscheinlech net all Problemer geléist sinn, „well ee jo ëmmer fuddele kann“, sot hien, a well „et ëmmer nees Leit ginn, déi tendéiert sinn, Dispositiounen [...] ze ëmgoen“. De Félix Braz hat Recht!

Och mat dësem Gesetz wäerten net all Geforen aus der Welt sinn. An domat wëll ech elo schonn zousécheren, datt déi gréng Fraktioun bereet ass, bei der Proposition de loi, déi nach op eis zoukënn, matzeschaffen, a mir wëllen och do eisen Deel dozou bäidroen, fir datt weider Geforen aus der Welt geschaaft ginn ...

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **Mme Josée Lorsché (*déi gréng*).**- ... a fir och eenzel Campagnen an de Grëff ze kréien, well och déi kënnen e grouse Problem duerstellen - ech mengen, Dir hutt schonn dovun Wand kritt. Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen dem Mars Di Bartolomeo nach eng Kéier Merci fir säi gudde Rapport.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (*ADR*).**- Jo, Här President, villmools merci. Och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Di Bartolomeo, deen e ganz, ganz gudden a komplette Resümmee gemaach huet vun dësem Gesetz. An och den Här Cruchten, muss ech soen, huet e puer ganz pertinent Bemierkunge gemaach, deene mir eis direkt uschleissen, an dat ass zum Beispill och de Merci un déi Leit, déi sech an eng politesch Partei organiséieren, egal wéi eng politesch Partei, well et brauch ee schonn dacks Courage, fir sech zu enger bestëmmter Meinung ze bekennen, an och dat muss een honoréieren.

Et ass awer elo esou, datt dat Gesetz hei vun eiser Säit aus och ënnerstëtzt gëtt, well et méi Demokratie a méi Transparenz erméiglecht. Dat ass ganz gutt esou! Et ass vu ville Virriedner beschriwwen ginn, wéi wichteg et ass, datt déi Parteifinanzéierung transparent ass an datt d'Parteien onofhängeg si vun Interessien vun där enger oder vun där anerer Lobby.

Wat déi praktesch Dispositiounen am Gesetz ugeet, wär et gutt, wann de Staatsministère géif e Formular erstelle fir déi individuell Deklaratiounen, déi d'Kandidate maachen, fir datt och do eng gewësse Kohärenz virzefannen ass. Ech mengen, dat géif och zur Sécherheet an der Organisatioun vun de Walcampagnen bäidroen.

Den Här Bartolomeo hat och e Resümmee gemaach vun deene Modifikatiounen, déi dat Gesetz am Laf vun der Zäit kannt huet. Mir hunn als ADR déi vun 2016 net matgedroen, well et do ëm eng Fraequot gaangen ass, déi sollt equilibriert sinn, dat heescht d'Verriedung vun de Geschlechter op de Wallëschen, well dat nämlech en Agrëff an d'demokratesch Fräiheet vun de Parteien ass. Kllassescht Beispill: Mir hunn a Schweden zum Beispill eng feministesch Partei. No deem System, dee mir zu Lëtzebuerg hunn, wier eng feministesch Partei gezwongen, datt d'Hallschent vun hire Kandidate misste Männer sinn. Dat géif einfach der Natur, der Zilsetzung vun esou enger Partei widdersprechen. Et ass also an eisen Aen en Agrëff an d'Fräiheet vun enger Partei, wann een hir virschreift, no wéi enge Krittären hir Kandidate sollten erausgesicht ginn.

Dat ass also eppes, wat mir géifen änneren. Mir si géint Quoten. Et ass och interessant feststellen, datt bei där Partei, déi dat ageféiert huet, bei deene leschte Wale - mengen ech, wann ech mech gutt erënneren, sauf Erreur de ma part -, vun deenen zéng Mandater net eng eenzeg Fra direkt gewielt war, och dat just als Foussnout an dëser Diskussioun.

Et gëtt nach Saachen, déi mer mussen nobesseren, an dat eischt ass, datt mer selbstverständlech mussen duerno kucken, fir déi juristesche Positionen vun enger politescher Partei weider ze klären. Dat ass natierlech eng Saach, där mer eis elo widmen.

An dat Zweet ass, datt et effektiv nach Méiglechkeete gëtt, fir eng Partei ze finanzéieren, déi verstoppt sinn. An dat ass notament och e Problem bei der Press, dat gesi mer ganz dacks a Walcampagnen, vläicht och en ënnerschiddlech Tarifier bei Annoncen: Déi eng Partei kritt se vläicht méi bëlleg an där enger Zeitung wéi eng aner Partei oder kritt aner Plazen a méi Facilitéiten an der Zeitung. Do muss mer dann e Wee fannen, deen op där enger Säit d'Fräiheet vun der Press komplett respektéiert - ech mengen dat ass e wichteg, och demokrateschen Imperativ -, an op där anerer Säit am Walkampf och fir fair Chancen an Transparenz bei der Finanzéierung suergt.

Mir hunn also nach Aarbecht virun eis, awer déi Aarbecht muss ëmmer guidéiert si vun deem feste Wëllen, d'Demokratie ze stäerken an eng Chancëgläichheet tëschent de politesche Parteien am Walkampf ze assuréieren.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Kartheiser. An d'Wuert geet un den honorabelen Här Marc Baum.

■ **M. Marc Baum (*déi Lénk*).**- Jo, merci, Här President. Mir stëmmen deem heite Gesetz natierlech och zou. Ech mengen, hei - de Rapporteur ass



schonn ausféierlech drop agaangen - geet et drëm, eng Adaptatioun ze maache vun deem Text vun 2007, wou d'Parteiefinanzéierung formal agefouert ginn ass. Zënterdeem sinn déi Montanten net méi ugepasst ginn, net méi un d'Deierecht, net méi un d'Inflatioun. An dat huet och duerzou gefouert, datt doduerch proportional d'Méiglechkeete vun de Parteien zréckgaange sinn, obwuel mer am Artikel 32bis drastoen hunn, datt d'Parteien eng ganz grouss Wichtegkeet hunn, nämlech datt se, esou steet et dran, „concourent à la formation de la volonté populaire“. Dat ass e groussen Usproch! „Formation de la volonté populaire“, dat heescht, do muss een op där enger Säit garantéiere kënnen, datt d'Parteien och iwwerhaupt déi Méiglechkeeten hunn, fir dat ze maachen, an op där anerer Säit - an dat ass awer och e Fortschrëtt vun dësem Text - muss een déi och kënnen kontrolléieren.

Mir hunn 2007 de Contrôle vun der Cour des comptes agefouert. Mir hunn, wéi de Félix Braz och deemools zu Recht gesot huet, ëmmer erëm gesinn, datt et do awer nach ëmmer Problemer gëtt. An deene Joren duerno ass nogebessert ginn. Hei ass eng weider Etapp: Et gëtt agefouert, datt d'Parteien keng kommerziell Aktivitéite maache sollen, dat schéngt jo och relativ evident ze sinn. Mir hunn an der Vergaangenheet gesinn, datt dat e Problem kéint duerstellen, d'selwecht wéi d'Fro vun den individuelle Campagnen, déi nach net honnertprozenteg geléist ass, mee wou mer awer elo zumindest eng Responsabiliséierung vun de Kandidaten agefouert hunn.

Vläicht just nach zum Schluss eng allerlescht Remark: De Rapporteur huet esou ganz salopp gesot, déi Eegefinanzéierung vu 25 %, dat wier virun allem fir kleng Parteien schwierig. Ech wëll dem Rapporteur

da soen, datt wann en de Bilan vun der leschter Cour des comptes kuckt, déi klengste vun deene kleng Parteien op jidde Fall mat der Eegefinanzéierung kee Problem huet. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Ech kann et kuerz maachen, well den Historique vum Gesetz jo scho gemaach gouf. Merci och un de Rapporteur vu menger Säit. Ass dat heite Gesetz perfekt? Sécherlech net. Ass et esou wäit gaangen, wéi d'Auteure sech et gewünscht hätten? Leider net. Do huet de Staatsrot eis nach eng Kéier zréckgeschéckt a gesot, mir missten, grad wat de juristesche Statut ugeet, nach eng Kéier nobesseren.

Fir eis ass ganz kloer: All Schrëtt no vir zu méi transparente Parteiefinanzéierungen ass e wichtege a richteg Schrëtt. Wat awer vläicht net am Gesetz konnt gereegelt ginn, well et e Règlement grand-ducal ass, ass de Konteplang vun de Parteien. Mir hunn an der Kommissioun e puermol drop higewisen, datt dee misst iwwerschafft ginn, fir eeben och elo den Ännerungen vum Gesetz Rechnung ze droen. Dat ass, wéi gesot, e Règlement grand-ducal. Ech hoffen dann, datt, nodeems d'Chamber hir Aarbecht mat der Proposition de loi gemaach huet, d'Regierung da vläicht och eng Kéier um Konteplang vun de Parteien nobessert, soudatt mer do eng besser Granularitéit an eng besser Transparenz kréien, a virun allem och, datt jiddwereen uniform domadder ëmgoe kann.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun de Piraten.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert: den Här Educationminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

■ **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. D'Regierung huet mat grousssem Interêt déi interessant Debatt hei zur Kenntnis geholl. An ech wäert dem Staatsminister, deen zoustänneg ass fir deen doten Dossier, grad esou en interessante Rapport doriwwer maachen.

(Hilarité)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Regierung. D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 7509. Den Text steet am Document parlementaire 7509⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7509 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domat ass dëse Projet de loi eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Martine Hansen), MM. Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen (par M. Claude Wiseler), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes,

Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Georges Mischo (par M. Paul Galles), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnst muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 19.10 heures.)



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Dépôt de quatre motions par Mme Martine Hansen

- Mme Martine Hansen

3. Désignation d'un Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher

- M. Fernand Etgen, Président

- Vote secret sur les trois candidatures

4. 7516 - Projet de loi portant modification :

1° du Code du travail en vue de transposer la directive (UE) 2018/957 du Parlement européen et du Conseil du 28 juin 2018 modifiant la directive 96/71/CE concernant le détachement de travailleurs effectué dans le cadre d'une prestation de services ;

2° de la loi modifiée du 19 décembre 2008 ayant pour objet la coopération interadministrative et judiciaire et le renforcement des moyens de l'Administration des contributions directes, de l'Administration de l'enregistrement et des domaines et de l'Administration des douanes et accises et portant modification de

- la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée ;

- la loi générale des impôts (« Abgabenordnung ») ;

- la loi modifiée du 17 avril 1964 portant réorganisation de l'Administration des contributions directes ;

- la loi modifiée du 20 mars 1970 portant réorganisation de l'Administration de l'enregistrement et des domaines ;

- la loi modifiée du 27 novembre 1933 concernant le recouvre-

ment des contributions directes et des cotisations d'assurance sociale

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel

- Discussion générale : M. Aly Kaes - Mme Carole Hartmann - M. Carlo Back - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

5. 7719 - Projet de loi modifiant l'article L 222-9 du Code du travail

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel

- Discussion générale : M. Aly Kaes (intervention de M. André Bauler) - Mme Carole Hartmann - M. Charles Margue - M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - M. Sven Clement - M. Michel Wolter

- Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

6. 7722 - Projet de loi portant sur la modification de :

1° la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2° la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale

- Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Max Hahn

- Discussion générale : M. Paul Galles - Mme Simone Asselborn-Bintz - Mme Djuna Bernard - M. Fred Keup - M. Marc Baum - M. Marc Goergen

- Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

7. 7714 - Projet de loi modifiant la loi du 10 juillet 2020 portant prorogation de la dérogation aux dispositions des articles 3, 6, 7 et 9 de la loi du 1^{er} août 2019 concernant les mutuelles

- Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel

- Discussion générale : M. Marc Spautz - M. Pim Knaff - M. Charles Margue - M. Jeff Engelen - M. Sven Clement

- Prise de position du Gouvernement : M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

- Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

8. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, Vice-Premier Ministre ; M. Romain Schneider et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech maachen d'Sitzung op. Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

■ **Une voix.**- Nee, Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech géif dann der honorabeler Madamm Martine Hansen d'Wuert gi fir den Depot vun e puer Motiounen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

2. Dépôt de quatre motions par Mme Martine Hansen

■ **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Den 28. Oktober hate mer hei schonn een 13-Mesurë-Package ofstëmmen gelooss unhand vun enger Motioun, fir d'Schoul an d'Schoulhalen un d'Coronazäiten unzepassen, well mer definitiv, an dat weist sech jo awer ëmmer, gesot hunn: „De Virus ass iwwerall an de Virus ass och an der Schoul, a mir müssen an der Schoul och alles maachen, fir d'Infektiounsketten anzedämmen oder ze brieche.“

Duerfir hate mer eeben, wéi gesot, e ganze Koup Mesurë virgestallt. Ech wëll haut an deem Kontext

nach eng Kéier véier Motiounen erabrénge, well mer an der Schoul, am formalen an och am nonformale Beräich, gären e kohärent Konzept hätten, a well mer gären hätten, datt de Minister déi Zäit elo virun der Chrëschtvakanz notzt, fir dat auszeschaffen.

Duerfir hunn ech eng éischt Motioun, an där mer nach eng Kéier froen, fir Loftrengeger fir d'Lycéeën, fir d'Gemengen a fir d'Grondschoul zur Verfügung ze stellen.

Eng zweet Motioun, fir sougenannten CO₂-Ampelen zur Verfügung ze stellen. Déi leschte Kéier waren den Här Minister an d'Majoritéit net domadder averstan. Ech hunn awer de Radio gelauschtert, an do war de Minister net méi esou ganz ofgeneigt, duerfir gëtt se jo dann dës Kéier vläicht gestëmmt.

Dann eng drëtt Motioun, wou mer wierklech froen, fir e kohärent Konzept tëschent deem formalen an deem nonformale Beräich auszeschaffen. An de Schoule gëtt alles gemaach, fir d'Kanner an de Klassen ze trennen, an dann ass et net logesch, wa se mëtten an de Maison-relais en ëm vermëscht ginn. Also froe mer, fir do e kohärent Konzept auszeschaffen, an dann och de Maison-relais dat noutwendeg Personal zur Verfügung ze stellen.

An eng lescht Motioun, well mer fest dovunner iwwerzeegt sinn, datt et beim Schoulhalen op den Enseignant ukënnst - an eng qualitativ gutt Ausbildung

hängt eeben och vun der Ausbildung a vun de Kompetenze vum Enseignant of -, an dofir solle mer alles maachen, fir esou vill wéi méiglech ausgebildent Personal an de Schoulen ze hunn. An dofir hu mer eng lescht Motioun, wou mer den Här Minister froen, fir eng Lëscht opzestelle mat deene Projeten, wou Enseignanten detachéiert sinn, a fir dann déi Enseignantë vun deene Projeten, déi elo eventuell kënnen gestoppt ginn, fräizestellen, fir datt se während der Covidzäit am Enseignement selwer täteg kënnen sinn, well aussergewéinlech Zäiten erfuerderen aussergewéinlech Moyaenen.

Ech soen lech Merci.

Motion

« Mise à disposition de purificateurs d'air dans les écoles et les communes pour limiter la propagation du Covid-19 »

La Chambre des Députés,

- considérant que l'Organisation mondiale de la santé (OMS) reconnaît un risque de propagation et de transmission du coronavirus par aérosol ;

- considérant qu'une ventilation et aération adéquates des espaces intérieurs constituent une mesure indispensable pour éviter une transmission du Covid-19 par voie aéroportée ;

- notant que de nombreux établissements scolaires ne disposent pas encore d'une ventilation mécani-

que et que l'ouverture permanente des fenêtres ne constitue pas une option raisonnable en automne et en hiver ;

- sachant qu'un taux de dioxyde de carbone (CO₂) élevé dans l'air intérieur engendre un taux élevé d'aérosols, facteur facilitant la propagation du Covid-19 ;

- constatant que des chercheurs allemands de l'Université Goethe ont relevé une élimination importante des aérosols dans l'air par des purificateurs d'air ;

- estimant que l'installation d'un purificateur d'air représente une mesure complémentaire à l'aération à intervalles réguliers,

invite le Gouvernement

- à prendre davantage en considération le risque de transmission du virus Covid-19 par voie aéroportée ;

- à mettre à disposition des écoles et des communes des purificateurs d'air pour limiter au maximum la propagation du Covid-19 dans les salles de classe.

(s.) Martine Hansen, Paul Galles, Georges Mischo, Marc Spautz, Claude Wiseler.

Motion

« Mise à disposition des écoles et des communes de détecteurs de CO₂ »